LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Éducation nationale,
de l'Enfance et de la Jeunesse

COVID-19: Testing-Dispositif an de Schoulen

# Schouljoer 2021/22

*(10/09/2021)*

## GRONDPRINZIPPIEN

Am Hibléck op d'Evolutioun vun der Pandemie zu Lëtzebuerg ass de sanitären Dispositif vum Ministère fir Educatioun, Kanner a Jugend fir d'Schouljoer 2021/22 ugepasst ginn. Den **Testing-Dispositif** an de Schoule gëtt vun elo un no dëse Prinzippien organiséiert:

- **Zenarioen**
    - Grondzenario = kee positive Fall an der Klass
    - Zenarioen 1 an 2 = 1 oder 2 positiv Fäll an enger Klass
        - Geimpften a geheelte Leit: keng Quarantän, mee d'Sanitärinspektioun stellt eng Ordonnance fir e fakultative PCR-Test aus
        - Net geimpfte Schüler: Quarantän mat Ausgangserlaabnis fir an d'Schoul an an d'Educatiouns- an Accueilstrukturen ze goen. D'Ausgangserlaabnis ass un d'**Obligatioun** gebonnen, um verstäerkten Testing deelzehuelen (1 Schnelltest all 48 Stonnen, ënner der Opsiicht vun engem Member vum Léierpersonal). Déi Schüler, déi net um verstäerkten Testing deelhuelen, sinn d'office ouni Ausgangserlaabnis a Quarantän. D'Quarantän gëtt duerch en negative PCR-Test vum 6. Dag nom leschte Kontakt mat enger positiver Persoun un opgehuewen, esou wéi den Artikel 7 vum Covid-Gesetz et virgëtt.
        - Net geimpften Enseignanten: Jee no Impfstatus ginn d'Enseignanten entweeder a Quarantän gesat an ënnerriichten op Distanz vun hirem Doheem aus oder ënnerriichte weider am Presentiel, wärend se eng Mask unhunn.
        - Cycle 1 am Fondamental:
            - Zenario 1: D'Klass gëtt ofgeschiermt mat der Recommandatioun, net an d'Educatiouns- an Accueilservicer ze goen.
            - Zenario 2: D'Klass gëtt a Quarantän gesat.
    - Zenario 3 = 3 bis 5 positiv Fäll an enger Klass
        - Geimpften a geheelte Leit: keng Quarantän, mee d'Sanitärinspektioun stellt eng Ordonnance fir e fakultative PCR-Test aus
        - Net geimpfte Schüler: Quarantän ouni Ausgangserlaabnis; Ophiewe vun der Quarantän duerch en negative PCR-Test vum 6. Dag nom leschte Kontakt mat enger positiver Persoun un
        - Net geimpften Enseignanten: Jee no Impfstatus ginn d'Enseignanten entweeder a Quarantän gesat an ënnerriichten op Distanz vun hirem Doheem aus oder ënnerriichte weider am Presentiel, wärend se eng Mask unhunn.
        - Cycle 1 vum Fondamental: Quarantän vun der Klass
    - Zenario 4 = méi wéi 5 positiv Fäll an enger Klass an/oder méi Klassen, déi betraff sinn

- **Antigène-Schnelltester am Kader vum Grondzenario**
    - Fondamental, Cycle 1: 2 Tester d'Woch, doheem
    - Fondamental, Cycle 2 bis 4: 2 Tester d'Woch, an der Schoul
    - Kompetenzzenteren: 2 Tester d'Woch, an der Schoul
    - Secondaire: 2 Tester d'Woch, een an der Schoul an een doheem

  - Léierpersonal, Betreier, administratiivt an technescht Personal: 2 Tester d'Woch, doheem
  - Am Grondzenario gëllen d'Schnelltester, déi an der Schoul gemaach ginn, am Kader vum CovidCheck-Regimm fir 48 Stonnen (nëmmen zu Lëtzebuerg).

- **Antigène-Schnelltest am Fall vu Grippesymptomer**
  - Am Fall vu Symptomer gëtt recommandéiert, doheem en Antigène-Schnelltest ze maachen. Dofir ginn Tester un d'Schüler vum Cycle 2 bis 4 am Fondamental, un d'Schüler am Secondaire an an de Kompetenzzentere verdeelt.
  - Vum Cycle 2 u gëtt recommandéiert, datt d'Kand, dat an der Schoul Grippesymptomer huet, e Schnelltest an der Schoul mécht. Am Fall vun engem positive Resultat maachen d'Schüler aus der Klass, déi en Averständnis ofginn hunn, och e Schnelltest.

- **PCR-Test fir net geimpfte Persounen am Kader vun engem Zenario 1 oder 2 oder am Kader vun engem Cluster-Testing**
  - Fondamental: duerch déi mobil Ekippe vum Staatslaboratoire (LNS)
    - Wann déi mobil Ekippe vum LNS net disponibel sinn, kréien d'Schüler eng Ordonnance vun der Sanitärinspektioun, fir e PCR-Test an engem Laboratoire fir medezinesch Analysen ze maachen.
  - Secondaire:
    - Bei den Zenarioen 1 oder 2: op Ordonnance vun der Sanitärinspektioun, fir e PCR-Test an engem Laboratoire fir medezinesch Analysen ze maachen
    - Am Kader vun engem Cluster-Testing: duerch déi mobil Ekippe vum LNS
  - Kompetenzzenteren:
    - D'Schüler kréien eng Ordonnance vun der Sanitärinspektioun, fir e PCR-Test an engem Laboratoire fir medezinesch Analysen ze maachen.

## AVERSTÄNDNISERKLÄRUNG/PARTICIPATIOUNSDEKLARATIOUN

Déi Persounen, déi um Dispositif wëllen deelhuelen, musse Follgendes an der Schoul ofginn:

- Averständniserklärung fir
  - déi mannerjäreg Schüler vum Cycle 2 bis 4 am Fondamental
  - déi mannerjäreg Schüler am Secondaire
  - déi mannerjäreg Schüler an de Kompetenzzenteren
- Participatiounsdeklaratioun fir
  - d'Schüler vum Cycle 1
  - déi volljäreg Schüler am Secondaire
  - déi volljäreg Schüler an de Kompetenzzenteren
  - d'Léierpersonal, Betreier, administratiivt an technescht Personal

D'Averständniserklärung/Participatiounsdeklaratioun muss beim Titulaire vun der Klass/Regent (oder am Fall vum Personal bei der Direktioun) ofgi ginn. Et sief drop higewisen, datt d'Averständnis zu all Moment ka ginn oder zeréckgezu ginn.

## ANTIGENE-SCHNELLTEST

D'Tester, déi benotzt ginn, sinn:

| **SIEMENS CLINITEST® Rapid COVID-19 Antigen Self-Test** | **SARS-COV-2 ANTIGEN RAPID TEST – KIT LEPU-MEDICAL** *bis de Stock opgebraucht ass* |
|---|---|
| Cycle 1 vum Fondamental<br>Cycle 2 bis 4 vum Fondamental (europäesch an international Privatschoulen)<br>Secondaire<br>Kompetenzzenteren | Cycle 2 bis 4 am Fondamental (ausser Privatschoulen, europäesch an international Schoulen) |

| | |
|---|---|
| *Wann de Stock vu LEPU-MEDICAL opgebraucht ass:*<br><br>Cycle 2 bis 4 am Fondamental | |

Dës Tester weisen d'Viruslaascht un, dat heescht ob déi geteste Persoun de Moment vum Test ustiechend ass.

*<u>Gebrauchsanweisung</u>*

Nëmmen déi Persounen, déi

- **e valabelt Averständnis am Kader vum Grondzenario hunn,**
- a Quarantän mat enger Ausgangserlaabnis sinn,

kréie Schnelltest-Kitten.

| **SIEMENS CLINITEST® Rapid COVID-19 Antigen Self-Test** | **SARS-COV-2 ANTIGEN RAPID TEST – KIT LEPU-MEDICAL** |
|---|---|
| Inhalt vun enger Këscht:<br>- 1 Gebrauchsanweisung<br>- 5 eenzel agepaken Tupferstäbercher<br>- 5 Tüben, an deenen déi reaktiv Flëssegkeet ass + 5 Opsätz<br>- 5 eenzel agepaken Testkassetten<br><br>Den Test gëtt duerchgefouert, andeem een déi follgend Etappe respektéiert:<br>- d'Gebrauchsanweisung liesen;<br>- sech d'Hänn wäschen;<br>- den Tüb an den Halter setzen (op der Récksäit vun der Këscht);<br>- den Tupferstäbchen an een Nueslach aféieren (ongeféier 2 cm déif) an e 5 Mol laanscht d'Nueswand dréien; d'Aktioun am zweeten Nueslach widderhuelen;<br>- den Tuperstäbche fir eng Minutt an den Tüb stellen an e wärenddeems an der Flëssegkeet dréien;<br>- d'Spëtz vum Tupferstäbche géint de Buedem an de Bord vum Tüb drécken, fir sou vill wéi méiglech vun der Flëssegkeet erauszekréien, an den Tupferstäbchen ewechgeheien;<br>- den Opsaz op den Tüb drécken an d'Flëssegkeet (4 Drëpsen) an d'Echantillonsverdéiwung vun der Testkassett maachen;<br>- 15 Minutte waarden, bis d'Resultat ugewise gëtt;<br>- d'Verpackungen an d'Poubelle geheien.<br><br>*<u>Interpretatioun vum Resultat</u>*<br>- **positiv** = zwou Sträife sinn ze gesinn<br>- **negatif** = just d'Sträif C ass ze gesinn<br>- **ongülteg** = keng Sträif oder just d'Sträif T ass ze gesinn | Inhalt vun engem Schnelltest-Kit:<br>- 1 Tupferstäbchen<br>- 1 Ampull mat der reaktiver Flëssegkeet (oder eng kleng Fläsch fir méi Tester)<br>- 1 Testkaart.<br><br>Den Test gëtt duerchgefouert, andeem een déi follgend Etappe respektéiert:<br>- d'Gebrauchsanweisung liesen;<br>- sech d'Hänn wäschen;<br>- den Tupferstäbchen an een Nueslach aféieren (ongeféier 2 cm déif) an e 5 Mol laanscht d'Nueswand dréien ; d'Aktioun am zweeten Nueslach widderhuelen;<br>- den Tupferstäbchen an d'Verdéiwung vun der Testkaart stiechen;<br>- déi reaktiv Flëssegkeet (6 Drëpsen) op den Tupferstäbche maachen;<br>- den Tupferstäbchen zweemol vu riets no lénks an ëmgedréit dréien;<br>- d'Testkaart zoumaachen an se horizontal leie loossen;<br>- 15 Minutte waarden, bis d'Resultat ugewise gëtt;<br>- d'Verpackungen an d'Poubelle geheien.<br><br>*<u>Interpretatioun vum Resultat</u>*<br>- **positiv** = zwou mof Sträifen<br>- **negativ** = just eng mof Sträif<br>- **ongülteg** = keng mof Sträif; just eng blo Sträif; eng blo an eng mof Sträif |

Am Fall vun engem ongültege Resultat muss en neien Test gemaach ginn.

*Reporting vun de Resultater*

Wann de Schnelltest an der Schoul gemaach gëtt, gëtt d'Léierpersonal **den Dag vum Test déi positiv an negativ Testresultater vun de Schüler** am Reporting-Tool an: https://ssl.education.lu/eduTesting/Web. Fir d'Connectioun brauch een e LuxTrust-Produit (Smartcard oder Token). D'Applikatioun schéckt automatesch eng E-Mail un d'Sanitärinspektioun an un d'legal Vertrieder vum concernéierte Schüler.

- Am Kader vum Grondzenario schéckt d'Applikatioun, wann den Test negativ ass, e Certificat, dee fir 48 Stonnen am Kader vum CovidCheck-Regimm gülteg ass (nëmmen zu Lëtzebuerg).
- Am Fall vun engem Zenario 1 oder 2 schéckt d'Applikatioun eng E-Mail, déi just d'Testresultat iwwermëttelt (ouni Certificat).

Et sief drop higewisen, datt d'Applikatioun exklusiv op der Basis vun den Donnéeë funktionéiert, déi am Scolaria an am „Fichier élèves" enregistréiert sinn.

Gebrauchsanweisung fir d'Léierpersonal: http://downloads.edutesting.lu.

**POSITIIVT RESULTAT**

*An der Schoul*

Am Fall vun engem positive Resultat an der Schoul

- gëtt de betraffene Schüler direkt vun der Grupp getrennt an e kritt eng FFP2-Mask;
- D'Schoul
    - rifft direkt déi legal Vertrieder vum Schüler un, fir datt se **hiert Kand esou séier wéi méiglech kënne siche kommen**. An der Tëschenzäit, a wann et méiglech ass, gëtt eng individuell Surveillance vum positive Schüler organiséiert. An dësem Kader huet d'Persoun, déi de Schüler encadréiert, eng FFP2-Mask un;
    - **informéiert direkt d'Koordinatiounscellule**, déi d'Resultat agëtt (https://covidtracing.public.lu/covid). D'Sanitärinspektioun schwätzt sech mat der Koordinatiounscellule iwwer d'Mesuren, déi virzegesi sinn (Quarantän), of.
- **Wann nëmmen en Deel vun der Klass de Schnelltest gemaach huet, mussen déi aner Schüler aus der Klass, déi en Averständnis ofginn hunn, och esou séier wéi méiglech e Schnelltest maachen.**

*Doheem*

Am Fall vun engem positive Resultat doheem engagéieren sech déi volljäreg Persoun/déi legal Vertrieder vum mannerjärege Schüler, dat positiivt Resultat direkt bei der Sanitärinspektioun (Site: https://covidtracing.public.lu/covid oder Hotline: 247-65533) a bei der Schoul ze mellen.

*Logistik*

D'Schnelltest-Kitten, d'Desinfektiounsmëttel an d'FFP2-Maske ginn de Schoule vum 14. September 2021 un zur Verfügung gestallt. Déi geliwwert Quantitéite sollte fir eng Period vun zwou Wochen duergoen:

- D'Material gëtt an d'Grondschoule geliwwert.
- D'Lycéeën an d'Kompetenzzentere gi gebieden, hiert Material mat engem Bon de retrait, dee vun der Testing-Cellulle ausgestallt gëtt, an de Logistikzenter sichen ze goen. **D'Etablissementer, déi hir Kitte SARS-COV-2 ANTIGEN RAPID TEST – KIT LEPU-MEDICAL net benotzt hunn, gi gebieden, se an de Logistikzenter matzebréngen, fir datt se an de Klasse vum Cycle 2 bis 4 am Fondamental kënne benotzt ginn.**

D'Kitte musse stockéiert ginn

- op enger ofgesécherter Plaz an engem ofgespaartene Schaf;
- am Dréchenen a geschützt viru Sonnestralen;
- bei enger Temperatur tëschent 4°C an 30°C.

D’Tester mussen an hirer Originalverpackung bleiwen, bis datt se benotzt ginn.

D’Tester, déi ofgelaf oder beschiedegt sinn, dierfen op kee Fall benotzt ginn.

*FAQ*

- Am Kader vum Grondzenario oder am Fall vun engem Cluster-Testing berout den Dispositif op enger fräiwëlleger Basis.
- Bei den Zenarioen 1 an 2 kënnen sech déi geimpften a geheelte Persoune weider mat der selwechter Frequenz selwer teste wéi et och am Grondzenario virgesinn ass.
- All d’Schüler, déi en Averständnis hunn, kënne beim Dispositif matmaachen, och déi Schüler, déi geimpft sinn.
- Dat ganzt Personal vun der Schoulgemeinschaft kann um Dispositif vun de Schnelltester deelhuelen ënner der Bedéngung, datt d’Persoun en Averständnis ofginn huet (fir d’Dispositiounen, déi vun der RGPD virgesi sinn, ze respektéieren) a sech engagéiert, all positiivt Resultat bei der Sanitärinspektioun ze mellen (Site: https://covidtracing.public.lu/covid oder Hotline: 247-65533).
- Et gëtt recommandéiert, datt d’Léierpersonal, dat d’Schüler beim Schnelltest beopsiichtegt, sech selwer schonn am Virfeld test, fir d’Schüler besser guidéieren ze kënnen.
- Wann e Kand sech verletzt, wann et de Schnelltest mécht, gëllt a puncto Responsabilitéit a Prozedur, déi en place ze setzen ass, dat selwecht wéi bei all Accident, deen um Terrain vun der Schoul geschitt.
- Et ass net néideg, e Beweis (Foto) vum Testresultat ze halen.
- Déi positiv Tester sinn ewechzegeheien an ewechzebrénge wéi all déi aner Tester.
- Bei de Commandë vu Material sollten d’Schoulen eng kleng Reserv virgesinn, fir op den Eeschtfall virbereet ze sinn (Teste vun der ganzer Klass am Fall vun engem positive Schnelltest, Erhéijung vum Participatiounstaux, Undeel vun ongültegen Tester asw.).

**Fir all weider Informatiounen:**

- **consultéiert wgl. de Site www.edutesting.lu oder covid19.men.lu**
- **schéckt eng E-Mail un testing@men.lu**